

## Gaart an Heem a Sprooch

Mir kenne knapps **ee Gebitt, an deem eis Sprooch esou eng flott Roll spillt wéi am Gaart**. De Gaart war an der Zäit den Houfent vu ville Leit, an et sinn der ëmmer ginn, deenen d'Fréijoer wéinst hirem Gaart net séier genuch konnt kommen. Leider wësse mir och, datt der e sëllege mat engem 'Schlag' nieft de Spuet gefall sinn, well si sech nom rouege Wanter an der Fotell ze schëtzege zevill gehout\* hunn. Eng 'Mottokultur'? Quetschen och!

Wien erënnert sech net un **deen heemleche Geroch vu verbranntem, wielegem Gaart-Offall**? Do huet een d'Fréijoer wierklech bis haut an der Nues. Wie gesäit de Papp oder d'Mamm net am Gaart wudderen, fir 'hausmaacher' Saachen ze zillen\* (net ze 'ziichten')? Vlächter erënnere mir äis och nach drun, wéi de Papp d'Kautsch noneegemaach\* huet an dofir de Buedem Schëpp fir Schëpp duerch d'Huert\* gehäit guff, fir datt de Som méi séier Kéngen\* am mierfe\* Buedem soll maachen.

Zielt emol engem dovun, **wéi d'Zëtär\* oppgemaach an de Schmorri\* beim Gruewen an de Schlag\* verdeelt ginn ass...** vu Kanalisatioun ass jo op ville Plazen nach keng Ried gaang; loosst mer léiwier och net vum hygieschen Element bei deer Saach schwätzen. Zwou Zorte Spuede guff et: deer gezackter an déi riicht, wou de Buedem méi mëll gewiescht ass; natierlech wëssen eis Gaarde-Foxerten dat alleguer, mä vun engem Gaardeplou wéi haut konnt an der Zäit jo nach net emol een dreemen. D'Geschäft muss lafen...

Tëscht Nopere guff et dacks **e richtege Concours: wien dann elo déi éischt jonk Zalot aus sengem Gaart an der Zalätsche\* sollt hunn**; et hätten der vill déi spizeg\* gréng Wutzen\* am léifste mat den Aen aus der Kautsch gezunn, fir datt et séier Heeder\* sollte ginn. Richtig lieweg guff et, wann d'Kéil\* sech an der Kautsch 'gutt geschéckt' hunn an disziplinéiert wéi gréng Zaldote laanscht eng Ficelle an hirt Lach komm sinn, alias 'repikiéiert' guffen.

Duerno ass deen éischten Hoff\* eriwuer gewiescht, de Summer konnt sech erbäi maachen; mä wann et net genuch gereent huet, **dann huet d'Strenz\* missen dru gleewen, dat war a gëtt keng 'Géisskan'**; frot hei emol een, wéi dat ëmgedrënt triichtermeissegt, gelächert Stéck da geheescht huet, dat uwendrop d'Waasser méi reng fir op dat jonkt Geméis erausgelooss huet... E Schlauch ass en zimleche Luxus gewiescht; e war net bëlleg, d'Material war schaufel\*, huet no e puer Joer gëeelt\*, guff séier sprock\*. Haut hu mir zeg Marken, all Gedéngels\* vu guddem Netz-a Strenz-Geschier, e Genoss!

Wann d'Gedéiesch\* net zevill uerg war, gong elo alles säi gudde Wee. Och d'Bratzelen\* hunn sech druginn, an d'Kräischelstäck\* Zorte guffe lieweg, de Sauerampel an de Rubarb sinn nees komm. Heiansdo huet mam Heel\* tëscht de Reie muss gekappt\* ginn, souzesoe fir de Buedem ze léften, djee: de Gaart ass e schéint Stéck Erënnung bliwwen... fir vill Leit och nach haut eng Freed um Liewen!

*De \* hannert enger Partie Ausdréck soll just op dat e bësse méi typescht oder speziell Lëtzebuergesch weisen, dat zum gréissten Deel nach do ass, ower... Hallo CTF!*

## opriichtegt Matgefill?

Et ass net fir d'éischt, datt hei dovun geschwat gëtt, **wéi mir bal automatesch an d'Däitsch rutschen, wann et eng Grimmel méi 'feierlech' soll klénken**, an zwar mat Wieder, déi mir am normale Gespréich oder Geschreifs ni gebrauchen. Da vergiesse mir eis gewéinlech Sprooch a gi souzesoen op Stelzen, d' Sprooch ower op Krätschen. Wa mir dat Gefill och nach 'entgéintbréngen', dann ass et op Lëtzebuergesch wierklech laanscht den Dill!


Kann ee mir soen, firwat eist Matleed soll 'opriichteg' sinn? Firwat gëtt et op eemol e 'Matgefill'? Wat ass 'opriichteg'? Giff et do net einfach mat 'éierlech' duergoen? 'Opriichteg' erënnert äis dach u 'geruet', wat näischt Anescht ass, wéi dat däitsch 'gerade'... a wëllt just soen, datt et net 'kromm' ass. Dacks krute mir als Kanner gesot, mir sollen äis 'riicht' halen oder duer sëtzen, ganz sécher net 'oprecht'. An dësem Streech freet ee sech och, **firwat mir eppes sollen 'oprecht erhalen', wann z.B. 'an der Riicht' déck duergeet**.

Wat soll dat 'opriichtegt Matgefill' also? Mir hunn en Ausdréck, deen am Fong - a sengem eegene Fong! - gutt drop passt: 'Sympathie'. Dat heescht wuertwärtlech 'Matgefill'. Et ass zwar Griechesch, ower weltwäit international, Däitsch hu mir méi ewéi genuch. De Fall vum 'Fernseh'... aplaz Televisioun

## den Thomas Mann

ass unerkannt **ee vun de weltbeschte Schrëftsteller vum 20. Joerhonnert**. Wien sech seng 'Buddenbrooks', den 'Tod in Venedig' oder den 'Zauberberg' z.B. eragezun huet, läit flaach vrun esou engem Genie! Biographesch ass ower interessant, datt den Th.M. weder en 'Abitur' nach en akademischen Titel hat... maja. Wéi ass et da mam Günter Grass? Mam Heinrich Böll? Mam Verlaine? Mam Rimbaud, an, an, an...? Anerer vun deem 'level' ware Medezinner, Architekt, Jurist... ower net 'Linguist', ginn ower 'wëssenschaftlech' vun deenen ausernegehol bis et 'stëbst'.

Huet dir iech ewell **Gedanken iwuer 'Bildung'** beim Michel Rodange, dem Michel Lentz, dem Putty Stein, dem Nic.Pletschette, dem Norbert Weber, dem Paul Greisch, dem Pir Kremer asw. gemaach? Wat haalt dir an deem Sënn vum Mathematiker Tunn Meyer, vun de Juristen Dicks an Auguste Liesch? Natierlech ass **en akademesch Grad an der Linguistik (alias Philologie)** eng héich respektabel Saach (Nik. Welter, Lucien Koenig, Tit Schroeder, Marcel Reuland, Raymond Schaack, Jhemp Hoscheit, Roland Harsch...) ower de Master oder Dokter gëtt deem kee Schreiftalent, dee keent huet. Et brauch een et net fir ze schreiw. «Und wer's nicht fühlt...»



vum Lex Roth

## de Schmetterling

«**Ech schwätzen esou, wéi meng Mamm mech geléiert huet**»... muss dat ëmmer richtig sinn? Meng gutt Mamm war (natierlech) déi bescht Fra vun der Welt, a bei hir hunn 11 Kanner schwätze geléiert! Si hunn alleguer 'Schmetterling' gesot... mä z.B. ni 'Maikäfer', ower 'Meedéier'. Ass et dann elo e Verbriechen, wann een erausfënt, datt mir dee Schmetterling net brauchen, well eist Land voller Nimm fir dat wonnerbart Déierchen ass?

**D'Madame Josée Kratochwill vun Dippech**, eng interesséiert Lieserin vun eiser KLACK, huet äis e lëschtigen Text geschéckt, an deem **30 verschidde lëtzebuergesch Nimm fir de Schmetterling virkommen**. Mir wëssen net, vu wem déi Schreiwerei ass, egal, eng Partie dovun fannt dir dann hei; lo huet dir d'Wiel: *Päiperle(n)k, Päipel, Pimpampel, Pippel, Pléipeplap, Féipeler, Plimplam, Fléifank, Mëllerdittchen, Mëllerek, Millermoaler, Millack, Milor, Pimpennell, Flippert*... dat wieren der dann emol 15... an et ginn der nach... Schmetterling ass net derbäi. Dat hätt meng Mammchen, dat Heischer Kättche 'getréischt', zugudderlescht och esou vun hirem Zweetjéngste verstan... wann si net mat 49 Joer an d'Éiwegkeet gaang wier.

Dir fannt, schonn zënter ganz laang,  
all Woch fir samschdes/sonndes,  
en Artikel iwuer d'Lëtzebuergesch  
op der rtl.lu-Sonndeszeitung, Rubrik 'Rondrëm eis Sprooch'.  
Do kënnt dir och mat 'jadderen' (=eist 'chatten').  
Wann eis KLACK-Zeitungen äis déi Méiglechkeet offrëieren,  
da geet dat natierlech och bei hinnen.

## Brockelcher

Déi sinn net nëmme gutt, mä och nach gesond! Ower si hunn hei zu Lëtzebuerg eppes Extraës: **Mir sinn déi eenzeg, déi dat genëssegt Geméis esou 'vernennen'**. Wann dir Brockelcher zu Freiburg bestellt, kritt dir douds'écher keng, well do heeschen déi Kabesknätzele 'Rosenkohl'. Verwiesselt se nëmme net mat 'Brocoli' zu Paräis, well dann iesst dir 'Wirsing', djee, et ass e queeschen Numm mat vill 'Geméich'. Sécher: déi Planz gehéiert bei d'Famill vum Kabes... mä déi ass am direkte wéi am iwverdroene Sënn enorm grouss!

Am Eescht: Frot iech also am Frankräich oder an der Belsch 'Choux de Bruxelles', an engem däitschsproocheg Land 'Rosenkohl'. Dir wonnert iech: Och wa 'Brocoli' schrecklech italiéinesch klénkt, musst dir do 'cavalo' bestellen, mä an England oder Amerika 'sprouts'. Déi geschméicheg Brockelcher schéngen also wierklech richtig EISES ze sinn... well soss enzwou gëtt et keng, wa mir den Numm vun do net kennen... **a 'geschméicheg' ass e schéinen Ausdréck, deen ech vum Jeanine Theis-Kauth 'gëierft' hunn**.

## Sot dat emol 'normal'.

Bei dëser klenger Iwwerschrëft spëtzen eng Partie Leit de Mëndchen, déi gär mat **'wëssenschaftlechen' Ausdréck** dorëmmer flankéieren, wann et äis drëm geet, iwverflësseg 'friem' Ausdréck oder Ausdrécksmänieren op den Aarm ze huelen, déi mir wierklech net brauchen, fir äis an normalem Lëtzebuergesch verständlech ze maachen. **'Normativ a puristescht'** sinn deer Gëllgeduwendier, wann si da lassfueren; anescht gedréint wëllen si net, datt mir z.B. eist typescht **'bis / op' aplaz 'vir/no'** bei der Auerzäit als sproochlech Eegenart versueren; grad esou gi mir (bis op e puer Fäll) **net 'no' Paräis mä 'op' egal watfireng Uertschaft**. Normativ? Puristescht? Quatsch! Falsch, basta! Kommt dach emol vun enger anerer Sprooch hier: *you go on Paris? sur Paris? auf Paris*. Falsch! Strapp drënner. Ponkten ewech! All Sprooch, déi eppes op sech hält, ass géint muttwëllesen Duercherne dofir 'genormt'. Genee esou dolaanscht kann et dofir op Lëtzebuergesch sinn, 'egal wat' ze schwätzen... souwisou sinn eis Sprooch-Knätzele bal nëmme aus dem Däitschen eraus ze verstoen, leider. Natierlech si mir elo rëm géint d'Däitscht... Eefällegkeet!

Praxis: Firwat solle mir 'engem zum Dank verpflichtet' sinn? Wa mir d'ETA gengen 'zerschloen', da wieren déi nach do, well et wieren der jo nëmme 'op de Bak / laanscht d'Panz' ginn. Woufir 'genéissen déi Hannerbliwwen dat opriichtegt Vertrauen' a maachen nach e 'Rondgank' iwuer de Kierfecht. Wou 'herrscht eng grouss Nofro bei der Faarfhierstellung'? Wat geet äis e 'Réckbléck' oder eng 'Virschau' un? Firwat drénke mir 'Glühwein', deen héchstens... gliddeg ass an esouguer am Fong am Däitsche laanscht den Dill? Musse mir gezielt géint eng Krankheit virgoen? Probéiert et mol 'normal' ower 'geben si sich nicht zuviel dran'!

## Eis Generalversammlung

Mir invitéieren eis Membren a Frënn  
fir samschdes, de 16. Abrëll, um dräi Auer,  
an de Restaurant-Brasserie 'am Dierfgen / Fugger',  
an der Casinosgaass (r. d'Eich) an der Stad.

De Comité vun der Actioun- Lëtzebuergesch